NOWHERE BUT HOME. 125 Years of CAL

## YOLA REDING (*1927)



*D'Yola Reding an sengem Atelier 2018 | Photo © CAL – Daniela Anderlini*

*D'Yola Reding gouf gebuer zu Veianen, huet studéiert zu Paräis, Nanzeg, Amsterdam a Florenz. Si war Chargé de Cours am Lycée des Arts et Métiers a war an ass Kënschtlerin.*

"Meng Konscht déi bleift ëmmer d'selwecht, déi ass konstant. Am Fong sinn ech ausgaangen vum mënschleche Kierper, sou hunn ech ugefaangen, dat war den Nu, bis dann iergendwéi en Tournant war a mengem ganzen Esprit, dass ech geduecht hunn, du muss vereinfachen, du kanns net méi sou an d'Déift mee du muss méi Loft dra kréien. An dunn sinn ech ob dat Wäisst komm, ob déi hell Téin. An dat huet mer och gutt gedoen, Ech hat guer keng Loscht méi fir faarweg ze molen an et ass nach haut wou ech d'Luucht sichen, och am Allgemengen sichen ech d'Luucht, an dat sprécht mech un. Mais Faarwen, där gesinn ech ewell esou vill an der Molerei."*

curated by Lou Philipps, assisted by Daniela Anderlini

## GERMAINE HOFFMANN (*1930)



*D'Germaine Hoffmann an sengem Atelier 2018 | Photo © CAL – Lou Philipps*

*D'Germaine Hoffmann gouf gebuer zu Osper. Si huet hier Konschtstudien mat 43 Joer an Owescoursen nogeholl, a Summerakademien an am Lycée Technique des Arts et Métiers wou se ënnert anerem Schülerin vum Yola Reding war. Si war an ass Kënschtlerin.*

"Ech schaffen méintelaang un engem Bild. Ech weess ni wat et gëtt wann ech ufänken. Ech gesinn eppes Wonnerschéines an der Zeitung, e schéinen Dégradé oder sou, da rappen ech dat eraus a wat d'Virlag méi schéin ass, wat et méi schwéier gëtt eppes ze maachen. Matt der Zeitung ass mir wierklech eng Welt opgaangen, do kréien mir all dag d'Leed an d'Suergen vun der Welt an eist Haus bruecht. Heiansdo ergänzen ech de Collage mat Faarf. Ech soen och ni "ech molen" mee "ech gebrauche Faarf", well d'Molen hunn ech ni geléiert."*

* D'Zitater stamen vun Interviewen déi am August an September 2018 am Kader vun der Ausstelllung mat den Artisten ënnerholl ginn sinn.

## GUST GRAAS (*1924)



*Den Gust Gaas an sengem Atelier 2018 | Photo: © CAL – Lou Philipps*

*De Gust Graas gouf gebuer zu Esch. Hien huet eng laang Zäit a Spuenien, Mallorca gelieft. Vu Beruf Affekot huet hien RTL Telé Lëtzebuerg an d'Liewen geruff sou wéi RTL Television an Däitschland. Hien war och Matbegrënner vun der Luxair a war an ass Kënschtler.*

"De CAL war schonn déi Zäit wichteg wou ech Member gi sinn. Déi beschte Moler waren do dran an dat war scho wichteg fir mech do dran ze sinn. Et war eng Unerkennung, an dat war jo net einfach wann s de aner Saache méchs a schaffs, da bass de dankbar dass dat wat der wichteg ass, wéi bei mir d'Molerei, och en Erfolleg huet. Ech hat am Liewen 3 Preoccupatiounen, ech hunn vill geschafft a vill organiséiert, och am Ausland, dat zweet war meng Famill an dat drëtt war d'Molerei. Ech hunn all Dag gemoolt, wann ech heemkomm sinn no der Aarbecht, hunn ech owes nach bis Mëtternuecht gemoolt. Ech hunn duerch ganz Europa ausgestallt, an och international. D'Molerei war e groussen Deel vu mengem Liewen an och haut molen ech nach all Dag."*



## JEAN-PIERRE JUNIUS (*1925)



*Den Jean-Pierre Junius an sengem Atelier 1995 | Photo: ©Marc Theis*

*De Jean-Pierre Junius gouf zu Diddeleng gebuer, an huet zu Paräis studéiert. Hie war Schoulmeeschter zu Schëffleng a war an ass Kënschtler, moolt awer haut just nach seelen. 2013 huet en seng lescht Toillen gemoolt.*

Coryse Simon-Junius: "De Pappa huet ganz oft ganz laang un engem Bild geschafft, da war erëm en klengen Detail deen em net méi gefall huet, dann ass en erëm erop an den Atelier gaangen, dann ass erëm eppes Klenges erofgekraazt ginn, an dann ass dat erëm frësch gemoolt ginn. Dann ass d'Bild e bessen ob d'Säit gesat ginn an dann ass en neit ugefaange ginn. Da koum erëm dat anert drun. Mee et war net sou eng Aarbecht: "Haut maachen ech e Bild", dat war ni säin Truc. Dofir kann e sech haut och nach praktesch un all Detail erënneren, an och Explikatiounen ginn."*

* D'Zitater stamen vun Interviewen déi am August an September 2018 am Kader vun der Ausstellung mat den Artisten ënnerholl ginn sinn.